# Pressecommuniqué

De Präsident vun der CSV-Fraktioun, Marc Spautz gouf den Owend vum Nationalrot unanime als neien Aarbechtsminister confirméiert. D'CSV-Deputéiert felicitéieren him fir déi nei Erausfuerderung - a wënschen eng glécklech Hand bei senger neier Aufgab.

Sie soen dem Marc Spautz e ganz grousse Merci fir dat staarkt Engagement, dat hie gewisen huet, fir der Fraktioun de Stellewäert ze ginn, den se am politesche Gefüge soll hunn. Hien huet d'Fraktioun mat vill Versteesdemech geleet an all Eenzelnen vun der Fraktioun eng Plaz ginn. Säin Asaz verdéngt Respekt an Unerkennung vun alleguerten den Deputéierten.

D'Relève iwwerhëlt elo de Laurent Zeimet – d'CSV-Fraktioun huet hien den Owend mat ganz grousser Zoustëmmung als Präsident gewielt. A sie freet sech op d'Zesummenaarbecht mat dësem erfuerenen Deputéierten, den d'Partei- an d'Fraktiounsaarbecht aus dem FF kennt.

De Laurent Zeimet betount: *„Et ass mir eng grouss Freed an Éier d'Präsidentschaft vun der Fraktioun ze iwwerhuelen. Meng Aarbecht wäert ganz am Zeeche vun der Kontinuitéit mat neiem Elan stoen."*

**Biografie Laurent Zeimet:**

Laurent Zeimet, gebuer den 12. Oktober 1974 zu Esch-sur-Alzette an opgewuess zu Betebuerg, huet Droit op der Universität Köln an op der Université Paris 1 Panthéon-Sorbonne studéiert. Seng Etuden huet hie mat engem duale Master am däitschen a franséischen Droit ofgeschloss. Berufflech war hien als Journalist am Politik-Ressort vum Luxemburger Wort aktiv.

Seng politesch Karriär huet 2004 ugefaangen, wéi hie fir d'CSV an de Gemengerot vu Betebuerg gewielt gouf. Zanter dem 14. November 2011 steet hien als Buergermeeschter un der Spëtzt vun enger CSV-Déi Gréng-DP-Koalitioun. Vun 2012 bis 2019 hat hie de Poste vum CSV-Generalsekretär bekleed.

De Laurent Zeimet ass de 4. November 2014 Deputéierte ginn, wéi hie fir de Jean-Claude Juncker an d'Chamber nogeréckelt ass. Bei de Walen vum Oktober 2023 gouf hien direkt an d'Parlament gewielt. Vum 15. Mäerz 2022 bis den Untrëtt vu sengem Chamber-Mandat am November 2023 war hie Member vum Staatsrot.

An der Chamber leed hien d'Institutiounekommissioun, hien ass Vize-Präsident vun der aussepolitescher Kommissioun a Member vun de Kommissioune fir Justiz, fir Medien a Kommunikatioun a fir Ekonomie.

De Laurent Zeimet ass bestuet a Papp vun dräi Kanner.

(Matgedeelt vun der CSV-Fraktioun den 10. Dezember 2025)

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu